# D'GAMELLE



**E Bliedchen vun de**
**Luerenzweiler Guiden a Scouten**

***OKTOBER 1999***

# Impressum

## Redaktiounsuschrëft

GAMELLE GmbH & Co. KG
65, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
TEL : 33 03 24 / 091 30 97 37
FAX : 33 03 24
em@il : linckels@pt.lu

## Chefredakter

LINCKELS Sven

## Redaktioun

BECK Jemp
BICHLER Fanny
BIDOLI Anne
BIDOLI Renée
BISENIUS Ben
BRÜCK Dada
FORTES Dino
FOURNELLE Germain
HELLERS Lucie
HÖFLIGER Tessy
JACOBS Marianne
JACOBS Sarah
LARSEL Claude
MELAN Cyril
PANETTA Nico
RUF Christina
SCHOSSELER Sven
SCHROEDER Ander
THOMA Danielle
WENGER Julie

## Oplo

120 Stéck

## Nummer

N° 10 erauskomm den 30. Oktober 1999

## Wat as dran?

SÄIT

1 Cover

2 Impressum & Inhalt

3 Virwuert
... vum Gruppechef

4 - 5 Wichteg Adressen

6 - 7 Wiwel
... Camp ‘99
... Weekend zu Dikkrech
... Weekend Surprise

8 - 9 Avex
... Camp ‘99
... Weekend

9 Den LGS Shop

10 - 14 Carapio
... Camp ‘99
... Weekend zu Beford

15 - 16 Raro
... Hike
... Grujhel - Weekend

17 - 23 Verschiddenes
... Wëssenschaft
... Jump Back Foto’en
... Kongress a Chefdag
... Internet & Co
... Statisiken & Rekorder

24 Memberlëscht 1998/1999

## E puer Wuert vum ...

# Gruppechef

Am vergaangene Guiden- a Scoutsjoer hate mir nés vill Aktivitéiten um Programm. Niewt de Weekender, Sortien, Versammlungen a Campen, hate mir am Dezember eise Krëschtmaart (zu Boufer an der Schoul), eisen traditionnellen Ouschteréerverkaaf an eis Jump Back Party (an der Garage Seil zu Luerenzweiler).

E wichteg Moment am Liewen vun eisem Verein war am Februar 99, an zwar konnte mir no der Fuesvakanz endlech an eis nei Reimlechkeeten am Foyer St. Laurent anzéien. Nodeem mir 27 Joer an dem aale Foyer "gehaust" hun an 1 Joer eis Versammlungen an Gemengesäll ofgehaal haten, krute mir eege Säll zu eiser Verfügung, mat enger anstänneger Toilette, mat Telefon, mat enger Kichen, mat Zentralheizung ... alles Luxus, dee mir am ale Foyer nët kannt hun. Ech well elo nach eng Kéier der Kiirchefabrik als Propriétär an Bauherr vum Gebei, an der Oeuvres Paroissiales als Gérant e grousse Merci ausdrécken fir hirt Engagement. Desweideren awer och e Merci un d'Gemeng fir den Aménagement ronderëm de Foyer an dat mir konnten d'Gemengereimlechkeeten während der Iwergangszeit benotzen.

E weideren Héichpunkt fir eise Verein war am September 99. De Chefdag deen all Joer am Ufank vum Guiden- a Scoutsjoer op nationaler Basis ofgehaale get, war dëst Joer hei zu Luerenzweiler. Dat war fir eis Verhältnisser eng Mammutorganisatioun. Sonndes waren bis zu 650 Chefen aus dem ganze Land an der Sportshal an et hun méi wéi 300 Leit bei eis zu Mëtteg giess. Dir kennt Iech virstellen, dat dëst nés mat ganz vill Aarbecht verbonne war, déi mir awer ganz gudd gemeeschtert hun. E spezielle Merci dofir un eis ganz Cheféquipe, 5. Branche, RaRo a CaraPio. Si hun alleguer eng super Aarbecht geleescht.

Am Ufank vun eisem neie Guiden- a Scoutsjoer stung awer nach eng weider Neierung an d'Haus, an zwar hu mir mat enger neier "Branche" ugefaang, de BIBER. Zënter e puer Joer besteet schon d'Méiglechkeet vum Verband aus fir dës Branche opzeman. Am Juli/August huet ët sech erausgeschielt, dat e puer Cheftainen a Chef interresséiert sin Biber bei eis opzeman. De Grupperot huet d'gréng Luucht gin an sou war dun den 3. Oktober déi éischt Versammlung. D'Biber sin geduecht fir Kanner zwëschent 6 an 8 Joer (d.h. 1. an 2. Schouljoer).



Zum Schluss well ech am allgemengen nach eng Kéier all eise Cheftainen a Chef MERCI soen fir all déi Zeit, déi si fir d'Kanner an Jugendlech opferen. Natierlech as och vill Spass dabéi, mee ët as nët ëmmer einfach, oft heescht et och "sech um Rimm rappen" an awer nach eng Kéier derwidder.
E weidere MERCI well ech awer och un all déijeeneg riichten, déi gehollef hun de "Finissage" am Foyer ze machen. Hei hun nach missen Luchten, Ridoen, Sanitär, Stellagen asw. opgehang, resp. opgeriicht gin. E grousse Merci un déi entsprechent Leit.

Sou lo haalen ech awer op. Ech wënschen all eise Guiden a Scouten e gudde Rutsch an d'nächst Joerdausend an hoffen dat si e flott an interressant Joer virun sech hun.

Jemp

# Wichteg ADRESSEN

## BIBER



EVERAD **Chantal**
80, route Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 65 75

FEHLEN **Pascal**
30a, rue de Hünsdorf
7324 Müllendorf
TEL : 33 42 98
GSM : 021 290 785

LECLERC-FELTES **Nicole**
5, rue Neuve
7420 Cruchten
TEL : 85 88 45

MENSTER **Annick**
23, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 73 30
GSM : 091 449 024

NEY **Carole**
36, rue de Steinsel
7395 Hünsdorf
TEL : 33 98 12
GSM : 021 257 130

WEIS **Jessica**
16, rue Fritz Bintner
7352 Helmdange
TEL : 33 11 53

## WIWEL

BICHLER **Fanny** (St.AWC)
23, rue des Noyers
7303 Steinsel
TEL : 33 73 08

BRÜCK **Dada** (St.AWC)
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82

FEHLEN **Pascal** (Akela)
30a, rue de Hünsdorf
7324 Müllendorf
TEL : 33 42 98
GSM : 021 290 785

FOURNELLE **Germain** (St.AWC)
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70

HÖFLIGER **Tessy** (Akela)
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 021 718 503

JACOBS **Marianne** (St.AWC)
118, rue de Fischbach
7447 Lintgen
TEL : 32 86 89

MASSOL **Melanie** (Akela)
25, rue de Blaschette
7353 Lorentzweiler
TEL : 33 26 13
GSM : 021 282 427

MULLER **Ernestine** (Akela)
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

WENGER **Julie** (St.AWC)
2, am Bongert
7453 Lintgen
TEL : 32 91 96

## AVEX

MOLITOR **Anne** (St.ATC)
& **Marc** (ATC)
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88

ROCKEL **Seja** (St.ATC)
46, rue de Folschette
8613 Pratz
TEL : 62 13 63 / 62 92 74

THEISEN **Roby** (TC)
41a, Montée Willy Goergen
7322 Steinsel
TEL : 33 55 36
GSM : 021 182 458

WEIS **Tanja** (St.ATC)
16, rue Fritz Bintner
7352 Helmdange
TEL : 33 11 53

WENGER **Flëpp** (ATC)
2, am Bongert
7453 Lintgen
TEL : 32 91 96
GSM : 091 515 861



## CARAPIO

LINCKELS **Sven** (TC)
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

MAES **Myriam** (St.ATC)
12, op den Iessen
7363 Lorentzweiler
TEL : 33 20 18
GSM : 091 33 20 18

NEY **Carole** (TC)
36, rue de Steinsel
7395 Hünsdorf
TEL : 33 98 12
GSM : 021 257 130

PANETTA **Nico** (St.ATC)
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 021 253 953

RUF **Christina** (St.ATC)
3, rue des Merisiers
7303 Steinsel
TEL : 33 18 07

SCHROEDER **Ander** (St.ATC)
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32

THOMA **Danielle** (St.ATC)
11, rue des Eglantiers
7327 Steinsel
TEL : 33 70 88

## RARO

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

WEBER **Men** (CC)
1, boulevard de Verdun
2670 Luxembourg
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

## GRUPPECHEF

BECK **Jemp**
68, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 60 84
GSM : 091 351 847
Arbecht : 33 59 02

## SEKRETÄR

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

## AUMONIER

NEY **Romain**
34, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler

## 5. BRANCHE

WEBER **Men**
1, boulevard de Verdun
2670 Luxembourg
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

## GRUPPEKÄCHEN

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

## KEESSIERE

EVERAD **Chantal**
80, route Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 65 75

## CAMIONETTE

PAULUS **Alain**
27, rue de Helmdange
7360 Helmdange
TEL : 33 72 56
GSM : 091 340 014

## FOYER

FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08



# DISNEY CAMP

## zu Bilschdrëf

### SONNDEG 5.9.99

Su géint 5 Auer sin d`Wiwël no an no ukomm. Nodeems se sech agelieft haten (Zemmer fannen, auspaacken, alles erkundegen, Iessen) stung eng Expressiounsveillée um Programm. Ouni ze schwätzen, matt Hänn a matt Féiss, hun se missten Szenen nospillen (Moies virum Spigel, roosen gin…). Nom Téi ass ët an d`Bett gaangen.

### MÉINDEG 6.9.99

Mir sin opgestaanen an hun op déi Bieleser Wiwël gewaart. Wou si ukomm sin hun mer direkt Zelter opgericht, fir mol bëssen a Campstëmmung ze kommen.
Fir déi 4 Sixainen auserneen ze halen hu mer Campfoularden gemaach, wou all Wiwël säin Equipenzeechen drop gemoolt huet (Mickey, Pluto, Donald oder Goofy).
Dono si mer, obwuel ët gereent huet, matt Begeeschterung op e Spuerespill gaangen. Owes, wou d`Wierder besser war hun mir eng Disney-Veillée gehaalen (D`Chefen waren als Disney-Figuren verkleedt), matt uschleissend engem Lagerfeier.

### DËNSCHDEN 7.9.99

Moies as ët direkt matt enger Olympiad ugaangen, wou een huet missten verschidden Disney-Spiller bewältegen. Noom Iessen hu mer eis op de Wee fir op Bilschdrëf gemaach. Do haten mer eng super Visite vum "Biekerecher Waasser", déi mer nët sou schnell wärten vergiessen (Sproch vum Guide: De Rank as do fir den Gewënn ze schützen). Aus deenen "puer Fläschen Limonade", déi eis de Guide versprach hat, sin zwou ganz Palletten gin. Déi hu mer all an d`Camionette getesselt, matt dem Problem datt se dono nët mei ugesprong as: Mir hun se missten undrécken. Noom Owendiessen haten mir en Nuetsspill wat kee Mensch verstaan hat, a bei deem de Benny ganz vill Photoen gemach huet.

### MËTTWOCH 8.9.99

Moies as ët lassgaangen matt Campbadger séen. Am ufaank as eis zwar e Seeblaat no dem aaneren futti gaangen, mee dono as ët richteg gudd gaangen.
Oofwiesselnd hu mir Campbadger gemaach während déi aaner schon matt Kachen ugefaangen hun. Mëttes sin d`Wiwël geléiert gin Kaarten liesen. Mir hun e Kaarten-Memory gemach an hun d`Zéechen erklärt. Owes noom Iessen as ët dunn mam Gänsespill weider gaangen. Voller Begeeschterung hun déi zwou Équipen mattgepillt bis se midd waren an an d`Zelt gekroch sin.

### DONNESCHDEG 9.9.99

Mir sin ganz fréi opgestaanen, fir mam Bus op Ettelbréck a vun do aus mam Zuch op Schieren ze fueren. Du si mer matt den Autoen op Noummern gefuer, wou mer spadséieren waren. Mir hun am Bësch gepicknickt a sin dono op d`Noummern an Schwemm gaangen, wou mir eis am Waasser wonnerbar ameséiert hun. Owes, haten mer eng ganz feierlech Mass, wou eng Rei vun de Wiwël hiert Verspriechen gemaach hun. No dem laangen uschtrengenden Daach as et schlussendlech an d`Bett gaangen.

### FREIDEG 10.9.

Matt bedréckter Stëmmung, wéi daat sou op engem Camp de läschten Daag as, hu mir noom Kaffi direkt matt Raumen a matt Botzen ugefaangen. Dobei hu mer ganz vill Saachen rëmfont. Mëttes stoung d`Virbereedung vun der Ofschlossveillée um Programm. All Équipe huet missten e Lidd, e Spill matt den Elteren an e Sketch iwwert de Camp virbereeden. Nodeems dass d`Équipen sech eenz waren an de kaalen Buffet knapps färdeg war, sin schon déi éischt Elteren ukomm. D`Veillée war flott an huet zimmlech laang gedauert, knapps war se färdeg, sin d`Wiwël matt hieren Elteren heemgefuer. Hiere Camp war fir dëst Joer leider riwwer.

Dada & Julie

## WEEKEND ZU DIKKRECH

### dEn 27. & 28. MäRz

Mir haaten geint 2 Auer Rendez-vous op der Gare, vun wou aus mir dunn op Dikkrech gefuer sinn. Do ukomm hu mir eis fir d'éischt emol agriicht ier mir e Spuerespill gemaach hun. Natiirlech hu mir virdrun déi verschid-den Spuerenzeechen erklärt, och wann mir eis nët ëmmer ganz eens waaren. Duerno hu mir eise leckere Picnic gies, hu geraumt a gespullt an d'Wiwel haaten e bëssen Fräizait, während d'Cheffen alles fir d'Veillée mam Asterix an Obelix virbereed hun. Noo dëser actionräischer Veillée hu mir nach e klengen Nuetsmarsch gemaach en gudden Téi gedronk, an hun no enger Grujhelgeschicht gudd a fest geschloof.

Sonndesmoies si mir fréi opgestaanen, hun Kaffi gedronk a gespullt. Duerno haaten mir e Kaart- a Kompaß-Atelier. Mëttes haate mir en immens gudd Iessen. Mir hun duerno nach e puer Spiller gemaach, sin an de Besch gaangen, hun geraumt a gebotzt an hun den Chalet ewéi ëmmer méi proper verloos, wéi mir e virfonnt hun.
Fazit : e flotte Weekend , och wann de Bericht leider e besse kuerz ausgefall as (daat war schon laang hier)!

Tessy







## WEEKEND-SURPRISE

### dEn 10. & 11. JuLi Zu MaMeR

Samsdes Mëttes hu mier eis op de Wee fir op Mamer gemat. Wéi mier do dee riesege Chalet erbleckst hun hu mier als éischt mol gudd gestaunt!
Nomëttes stounge Naturerfahrungsspiller um Programm an Owes haate mier nach eng Indianer-Veilée wou mier eis gudd amüséiert hun a wou vill gelaacht gin ass. Gudd midd as ett dun an d'Bett gangen.
Sonndes Moies ware mier wéi gewinnt fréi op de Been, hu gemittlech Kaffi gedronk an duerno puer Spiller gemat, Mandalae gemôlt …
Nom Mettegiessen hu mier dun dobaussen Batik T-Shirten gemat déi immens flott gi sin.
Wéi mier du nees alles bis gebotzt a geraumt haaten as ett och scho nees Zait gin fir heem ze fueren.

Fanny

# AVEX CAMP
## ZERNES 1999

De Wee fir dohinner war voll RELAX. Den Dunnie war zwar nët esou séier wéi déi aner Camionette, mee dat war eis ganz egal. Den Rally zu Zernez war zwar nass mee dofir ganz easy. Den Trëppeltour duurch den Nationalpark war zwar flott awer Déieren huet een keng gesin. Dat war d'Virbereedung op den Hike. Den Hike selwer war voll cool zumols fir puer vun eis, fir aanerer war ët éischter eng Qual. Dat coolsten um Hike dat war wéi mir op 3000 Meter Héischt eropgeklomm sin, well du has voll den schéinen Iwerbléck, ausser d'Wolléken sin heiansdo komm. Dat wat all oder bal all Mensch cool fonnt hat, dat war den Rafting. Leider war ët nët laang genuch. Am Ufank war d'Waasser voll kaal, mee duerno has de dech dru gewinnt.

*" Relax "*

De Kino war verschidden. Déi eng hun de Film gudd fonnt, déi aner sinn dobäi ageschlof.
D'Sprech vum Camp waren : "RELAX" an "Ech ... alles"
Wat guer nët esou cool war dat war datt ee keng Nuetsspiller konnt machen, vue que datt dat jo verbueden as an d'Wisen ze goen.
Mee am groussen a ganzen war den Camp RELAX.

Lucie & Renée

# D'BUFF UM CAMP
## AUS DEM DINO SÉNGER SIICHT

10 Deeg an der Schwäiz, do muss een fir d'Iessen suergen. Ennerwee hu mir schon lecker Mëtschen kritt, an Owes, wou mir midd an hongereg vun der Rees waren kruten mir gudd Spaghetti (déi waren schon prima zu Lëtzebueg virbereed).
Deen nächsten Daag hu mir Moies Schmiren an Mëttes ??? giess. Schmiren gouf ët iweregens bal all Moien.
Den Daag drop hate mir e RaIley zu Zernez. Do konnte mir natirlech nët ganz vill iessen. Mir hun eis missten mat engem klengen Pick-Nick zefridden gin.
Mëttwochs, den 4.8. ware mir an de Schwäizer Naturpark: a schon nees Pick-Nick. Mee ët war leckert Brout an eng gudd schwäizer Wurscht. Owes ware mir déck hongerech, a mir hun rëm nëmmen Schmiren kritt.
Donneschdes war dunn dee furchtbarsten Daag vun allen. Mir waren um Hike. Dofir war rëm keng Zäit fir gudd z'iessen. Mee Owes op der Hütt krute mir dunn ee gudden Menü. Lecker selwergemachten Nuddelen mat rouder Zooss, an eng Zopp, an een Dessert, a Cola.
Samschtes as ët dunn endlech Moies Corn-flakes ginn. Mir sin schwammen gangen an hun schon rëm Pick-Nick giess. Mee Owes hu mir dunn eng schwäizer Spézialitéit können schmaachen: Kéisfondue um Holzfeier. Et huet ganz gudd geschmaacht, mee ët war e bëssen zevill Wäin dran.
Sonndes ware mir op de Rafting. Buff: dem Action-Programm ugepasst, "well mir kachen keng Spaghetti um Schlauchboot!"
Deen Daag drop Moies hu mir nët ganz vill giess, well mir Mëttes an de Restaurant iessen waren. Mir konnten souguer de Menü an den Dessert prima selwer raussichen.
Dënschtes war dunn eis Olympiad, wou mir rëm nët genuch z'iessen kruten, dofir hu mir nach ...

*" Well mir kachen keng Spaghetti um Schlauchboot! "*

Mëttwochs, den 11.8. as ët dunn Zäit gin fir Heem. Moies: fir d'Iescht Schmiren an der Schwäiz.
Mir waren sou traureg, datt de Camp riwwer war, datt mir doheem iwwerhaapt näischt méi giess hunn.

Dino

Umierkung vun der Redaktioun:
Also, ech well hei betounen datt dësen Zoustand nët bei allen Branchen herrscht. Ech kann zwar hei lo just vun de

Carapio schwëtzen, mee d'Avex kommen jo och eng Kéier dohin.

Bei eis gët fir all Dag en Plang fir eng gesond an ausgeglachen Ernährung. Mir suergen dofir datt eis Jugendlech all déi verschidden Nährstoffer déi si brauchen, wéi Vitaminen, Mineralien, Ballaststoffer, Eewäiss, Kuelenhydrater a Fetter, och kréien. Fir genau ze sin kréien se all Daag : 0,5 Liter Mëllech, 100-150g Yougurt oder wäisse Kéiss, 50-75g Kéiss, 100-150g Fleesch/Fësch/Eer/Hülsenfriichten, 200-300g Uebst, 300-400g Geméis, 200-300g Brout/Getreider/ Gromperen/Räis (den Aktivitéiten no), an 30-40g Botter/Magarine/Ueleg. An natirlech, nët ze vergiessen, minimum 1,5 Liter Waasser respektiv Téi, ongezockerten Jus oder Kaffi (nëmmen ab 16 a mat Erlabnis vun den Elteren). Mir suergen als verantwortlech Chefen och dofir datt eis jonk Leit gemittlech iessen, alles gudd knaën a sech nët oflenken loossen duerch niewe Beschäftegungen, schliesslech soll ët eng Entspaanung sin an nët mat Streidereien, heftegen Diskussiounen a Problemer gestéiert gin.

Dofir, léif besuergten Elteren vun ënnerernährten Avex, keng Panik : är Kanner kommen och nach an d'Carapio!

Sven

## GALLIER WEEKEND

Halli Hallo Hallöle, mir, d'Avex, schreiwen hei en Artikel iwert onsen gäilen Weekend zu Kalber. Onst Thema war e bessen "CRAZY". Et goung nämlech em d'Gallier. Ennerwee goufen mir erausgehäit, a mir mussten de Wee selwer sichen. Dobei waren 99% nët ouni en illegalt Hëllefsmëttel auskomm. Onse Grupp zum Beispiel, mir hun ons 100 Mol verlaaf a mir goufen vun engem léiwen Hotelsbesëtzer matgeholl. Am Verlaaf vum Weekend hu mir geléiert wéi een mat enger Kaart emgeet oder mat enger Axt ze haxelen oder schwengsech iessen, also eng Gallierfriess. Méi gët ët nët ze soen, außer datt ët voll RELAX war!

Sarah & Sven

*INFO*

## *DEN LGS SHOP ...*

**... as ze fannen** :
an der Stad am Convict, Bloc G um 1. Stack
5, avenue Marie-Thérèse

**... as op** :
Dënschdes a Mëttwochs vun 15:00 bis 18:00 Auer
Donneschdes vun 15:00 bis 19:00 Auer
ausser an de Schoulvakanzen!

**... as ze ereechen** :
ënner dem TEL : 44743 313
oder per FAX : 44743 249



# CARAPIO CAMP 1999 vum 4.8. bis de 15.8. an Holland

# LOGBUCH vun der "MS-CPC99-ECHGINNETEENS"

## 4.8. - MËTTWOCHS

***Urees op Rotterdam***

De mueren hu mer ons um 7:40 Auer op der Gare zu Luerenzweiler getraff an den Zuch bis op Bréissel geholl. Vun do aus as ët mat engem aneren Zuch weider op Rotterdam gaangen.
Mir sin vun der Gare aus zu Fouss op ons Campingsplaatz getréppelt (wat guer net sou schlëmm war!). Mir hun dunn relax d'Zelter opgeriicht an ons dobei gemaach d'Iessen ze kachen.
Géint 21:00 Auer ass d'Veillée ugaangen: Mir kruuten d'Campregelen erklärt an hun dun 3 Spiller (Waasser-, Uni- an Schmugglerspill) gemaach.
An dono sin mer gudd midd an d'Heiabettchen gefall.

Danielle

## 5.8. - DONNESCHDES

***1. Daag Rotterdam***

Nodeems ët géint 6 Auer mol kräfteg gereent hat, ware mer schon all waakreg a sin dunn ëm 8 Auer opgestaan. Mee mir hate Chance, déi Reeschauer hat näischt mam Wieder vum Daag ze din, d'Sonn huet awer geschéngt.
Moies hu mer dun e Parcours matt Geschécklechkeets-Spiller gemaach a ware mol schon bëssi naass an hate vill iwwerluecht. Du si mer Mëttes, nodeems mer eis Bréidercher giess haten, zu Fouss bis an den Zentrum vu Rotterdam getréppelt a mer sin den Euromast besiche gaangen. An 185 Meter an der Luucht konnte mer eis dun Rotterdam an Amsterdam vun uewen ukucken. Nees op festem Buedem hu mer den Tram geholl an nach bëssi Rotterdam a séng Geschäfter kucke gaangen. Puer vun eise Jongen hu sech do hier Spillsaache vir de Camp kaaft: Frisbeeën. Um Réckwee war ët awer scho bal eriwwer mat der Freed si hun een am Park an de Weiher geschoss. No bëssi hin an hier huet de Germain eng Mega-BA gemaach an huet sech geopfert fir an de Weiher ze klammen an ze sichen. D'Leit hun eis warscheinlech vir verréckt gehalen, mee egal, hien huet dat komescht Denge fonnt. Matt Germain a Frisbee si mer dunn nees zréck op de Camping gaangen an hu gekacht a giess. Bëssi méi spéit si mer nees zréck an de Park gaang fir eist Nuetsspill. A nach bëssi méi spéit si mer doudmidd an d'Schloofsäck geklommen.

Fanny

## 6.8. - FREIDES

***2. Daag Rotterdam***

Nodeems mir no langem hin an hier Moies aus de Schloofsäck geklomm sin, a schéin gemittlech Kaffi gedronk haten, sollten d'Highland Games um Programm stoen. Mee zufälleger Weis hate mir en klengen Mangel un Material !?? Sou koum ët datt de Sven an den Ander sech kuerzfristig en neit Spill afaalle gelooss hun. Heibei hun zwou Équipen missen probéieren mat engem Frisbee, duerch géigensäitecht Passen, e Goal ze erzielen. D'Spill haat navell zimlech vill Succès. Well dësen Daag esou warm war, hun déi Meescht vun de Mattspiller zimlech fräizügeg gespillt, dowéinst huet eng kleng Waasserschlacht nom Spill einfach missen sin.
Am Nomëtten as de ganze Grupp mam Metro an den Rotterdamer Hafen gefuer an huet sech mat enger informativer Schëfffahrt (*grins*) de ganzen Hafen erklären gelooss.
Owes hu mer dunn nach "Der grosse Preis" gespillt, an dono si mer an d'Zelter gekroch, well den aneren Moien hu mer missten fréi opstoën, fir ons Zelter nees ofzerichten.

Ben

## 7.8. - SAMSCHDES

***3. Daag : Vun Rotterdam op Utrecht***

Den Daag huet domadder ugefaangen, datt mer aus dem Zelt gekuckt hun an datt ët geschifft huet wéi e Mëllen! Mir hun eis dunn an een Zelt gedretscht fir z'iessen. Mir hun eis Rucksäck an d'Zelter agpaak, an natiirlech war alles sou naass. Vun Rotterdam si mer mam Zuch op Utrecht gefuer. Do soutze mer fënnef

Stonnen op der Mega-Gare ze warden, an d'Leit hun eis scho komësch gekuckt, well mer um Buedem giess, geschloof an eis gelangweilt hun. Iwwer Handy hun de Sven an den Ander eis matgedeelt, datt mer eis op de Wee fir op d'Schëff maache kéinten. Bei enger Bréck hu mer gewaard a gewaard an t'as kee Boot komm. (An et huet nach ëmmer gereent) Dunn si mer selbstverständlech guer nët méi eens gin (wéi ëmmer!). De Sven an den Ander waren anscheinend bei enger ganz anerer Bréck!
(Mir hun 2 Velosfuerer ugehalen fir ze froen wéi déi Bréck géing heeschen an si hun allenzwee ëppes aneschtes gesoot) Schlussendlech si mer eis eens gin wou mer eis géingen fannen, Gott sei Dank, well mer waren schon ganz duerchweescht.
Um Boot ukomm war eis Begeeschterung nët sou grouss!?! Et war esou kleng an enk an huet gewackelt (wat awer normal ass). Lues a lues hu mer eis agelieft an mer hun wonnerbar giess. An esou as den Daag an enger déck feeten Atmosphär zu Enn gaangen.

Marianne

Kleng Umierkung :
hmm … gëtt hei iwwerhaapt nach een eens???

Fanny

## 8.8. - SONNDES

***Vun Utrecht op Amsterdam***

Den Daag huet "gut" zimlech gut ugefaangen. Kee Reen, dat war schon emol super. D'Danielle (Blummegréit), d'Christina an d'Fanny hun laang gebraucht fir e Bäcker ze fannen. Dun huet de Sven de Motor vum Boot (sou cooool daat Boot) ugeschmass. Mir sin ouni Problemer fort komm. No ë puer Minutten huet de Sven d'Steier un de Nico weidergin. Sou um 11 Auer wollte mer e Schëfff iwwerhuelen. Mee daat huet eis nët gelooss. No e puer Minutten hate mer ët awer dunn iwwerholl.
Mëttes si mer dunn zu Amsterdam ukomm. Nomëttes hate mer en Explo. Eis Équipe as guer nët eens gin. Nom Explo si mer Owes ëppes iessen gaangen. Déi Kaatz am Restaurant war déck mëll. Mir haten gutt giess. Een Déel vun eis sin nach ëppes drénken gaangen (déi Vendeuse war zwar guer nët gut drop). Dono si mer schloofen gaangen.
Dësen Daag war 1A oder 10/10.

Germain (Jemeran)

## 9.8. - MÉINDES

***Amsterdam***

Mir sin opgestaan an d'Sonn huet geschéngt. Wéi all Moien hun mer relax Kaffi gedronk matt deem eenzegen Ennerscheed, datt, wéi scho gesoot, d'Sonn geschéngt huet. Dunn hu mer eis färdeg gemaach an voller Begeeschterung as de gréissten Deel vun eis op de Maart getrëppelt. Déi reschtleg zwee sin dunn an d'Wachsfigurenkabinett gaangen.
Wéi mer géint Mëtteg zréck op d'Schëff koumen konnte mir mam Schëff bis an d'Mëtt vum Kanal fueren, well den Häipi vun deem Schëff wou mer ugluecht haaten, fort gefuer as.
Noom gudde Mëttegiessen an der Waassermeloun hu mer eis alt nees op de Wee gemaach. Een Deel as mam Sven bis virun den Anne Frank Musée gelaatscht an hun erëm emgedréint well do eng Schlaang vun Leit stoung déi sech ronderem en halwen Heiserblock gezunn huet. Een aneren Déel sin nach op de Floumaart gudd akaafen gaangen an nach een aneren Group war nach eng Kéier an de Wachsfiguerenkabinett. Déi déi beim Anne Frank Musée Demi-Tour gemaach hun, sin am Reen Shoppen gaangen, Wéi mer eis dunn um 5 Auer all fonnt haten, si mer nach akaafen gaangen an all Mënsch haat opmannst zwou Tuuten ënnert dem Arm fir Heem. Noom Iessen sin déi eng raus gaang an déi aner hun sech ët um Schëff bequem gemaach.
Nuets wéi mir, déi Lescht sollten an de Schloofsaak klammen goufen ët ë puer Problemer: Wü kö datt een groussen Deel vun eis geschloof hun war ët nët méi méiglech fir an de Rucksaak no dem Pyjama wullen ze goen a virun allem hun der zwee (d'Christina an d'Fanny) hiere Schloofsaak nët méi erëm fonnt. Wéi mer dun awer bis all louchen op matt oder ouni Schloofsaak hu mer all séier geschloof.

Dada

## 10.8. - DËNSCHDES

***Vun Amsterdam op Leiden***

Moies fréi si mer mam Schëff zu Amsterdam fort gefuer an hun eis op de Wee fir op Leiden gemaach. Ennerwee sin der ë puer vun eis op d'Iddi komm fir e bëssen schwammen ze goen. Duerno sin se all noeneen an d'Dusche gesprongen. No laangem hin an hier hu mer dunn sou géint 5 Auer endlech eng Plaatz zu

Leiden fonnt, wou mer konnten bleiwen.
Beim Kaachen wollt den Ander (Gentleman, deen en as) d'Gromperen vum Gas huelen, mee irgendwéi as daat e bësse schief gelaaf an hien huet sech dat ganzt waarmt Waasser iwwert de Bauch geschott. Matt der Ambulanz ass en dunn an d'Klinik gefuer.

Anne

Kommentar :
Haut ass zur Oofwieslung mol erëm keen eens gin! Als éischt verbrennt den Ander sech de Bauch (Verbrennung 2. Grades) an d'Myriam seng Féiss. Dono hun ech mer de Fanger mam Fixfeier gesenkt an zum Schluss nach eng Kéier d'Myriam sech de Fanger um Gas.
Op dësem Daag zu Leiden hu mer wirklëch gelidden!!

Danielle

P.S. Owes hun mer nach bësse Kaarte gespillt an duerno hun mer ausprobéiert, ween an kuerzer Zäit déi meeschten Aafenëss giess huet.

Anne

## 11.8. - MËTTWOCHS

***Leiden***

Mëttwochs Moies as d'Fanny mam Ben a Marianne an tiptopper "tenue correcte" Foulard + Uniform akaafen gefuer während mir nach gutt gemittlech an onsen Kajuttercher geschloof hun. Nom Kaffidrénken hu mer ons op de Wee gemaach fir an de Yachthaafen. Nom passéiren vun der "bewegliche Brugg" déi e wéineg knapp an enk war (gell du Svenlinger) an e puer Angschtausbrëch vun de Fraleit, zumols vum Carole, well mir Häipien ënnert Brécken matt onsem 2,82 m héichen Derby 22 gefuer sin, déi nëmmen 2,85 m haten. Am Yachthaafen konnte mer dunn endlech de Waassertank opfëllen deen op e puer Liter Reschtwaasser geschrumpft war. Dësen Virgang huet iwwert eng Stonn gedauert (ët war jo ëmmerhin e ganzt Fuder Waasser). Währenddeems hu mer d'Sonnenfinsternis matt onsen total funkien an groowien Bréller beobachtet (voll cool eye! Leider war d'Sonn baal déi ganzen Zäit hannert de Wolleken). Zréck zu Leiden hu mer ons eng Uleeplatz gesicht an sin an d'Staadt getrëppelt. Hei hate mer nach eng Kéier 1 ½ Stonn Zäit fir ons Suen auszegin (virausgesaat mer haten der nach). Owes sin ët Tortelini panne et proschutto gin an no enger Diskussion iwwert d'Kaachen a wéi een eng wäiss Zooss mëcht (déi Auswirkungen op den Daag dono nach sollt kréien) stung nach “Tut er's oder tut er's nicht um Programm”. Détailer sin allerdings “Top Secret”.

Nico

## 12.8. - DONNESCHDES

***Vun Leiden op Gouda***

Haut de Moien hu mer eng Veillée nogeholl. Daat war zimlech flott. Dono si mer nach mam Velo gefuer. Dunn huet d'Fanny 2 Stonnen laang Paanëscher gebaak. Dono esou géint 2 Auer as den Ander erëm fir d’Kontroll an d'Klinik gaangen. D'Myriam, de Ben, de Nico, d'Anne, d’Julie an ech sin akaafe gaangen. De Rescht huet gespullt. Owes si mer bis 10 Auer Boot gefuer well mer haten eis verrannt.

Cyril

## 13.8. - FREIDES

***Vun Gouda op Utrecht***

Haut as de leschten Daag wou mer um Schëff sin. Kaum ware mer opgestaanen waren mer och schons ënnerwee. Während der Fahrt hu mer eis Rucksäck gepaak. Vun Gouda si mer iwwer Ijsselstein op Nieuwegein getuckert.
Zu Ijsselstein stunge mer eng Éiwechkeet bei enger Bréck. Déi war sou laang zou datt mer Zäit haten do z'iessen. Du koum endlech de Männchen fir d'Bréck op ze maachen. Fir z'iessen gouf ët Zopp.
Erëm ënnerwee um Boot sin de Nico de Ben an de Sven eroofgeklommen an sin mam Velo weidergefuer. Um 15 ¼ hun mer dunn d’Boot gebotzt. Dono huet ët méi propper ausgesin ewéi mer ët kruuten. Wéi mer um Camping ukomm sin hu mer fir d’éischt eng Plaatz missen sichen, no villem hin an hier hu mer awer nach eng Plaatz fonnt.
Op dësem Camping as eng Schwemm, déi méi propper wéi d'Toiletten an d'Duschen as. Wéi mer d'Zelter ausgepaak hun war eent méi naass wéi dat aanert. Zumols de Meedercher hirt Zelt huet nach zimlech gestonk. Déi Meescht hun gemengt datt se dobaussen géingen schloofen. Mee sin awer allguerten hir Meenung geënnert wou d'Zelt opgeriicht war.
Daat war och grad esou gudd well den Daag drop huet ët gereent. Owes gouf ët Poulet a rouder Zoss matt

Nuddelen, an dobäi gouf ët nach Cornichonszalot. Fir den Duuscht gouf ët Cassis-Sirop.

Claude

## 14.8. - SAMSCHDES

***Utrecht***

Um 11 Auer (voll krass, ey!) si mer opgestaan, an hun Kaffi gedronk. Den Ander, de gudde Jong, huet mer eng Schmier gemaach. Dono hun sech, dat mëllt Carole, den Ander, de Nico, de Claude an ech an een Zelt geluecht. Mir louchen praktësch de ganze Mëtteg am Zelt, hun gewaart datt ët sollt ophaalen matt reenen, an datt d'Pâtéen sech an d'Staadt beweegt hun. Um 4 Auer sin mer een huelen gaangen (Carole, Ander, Nico, Sirmil an ech). De Fils deen Béier gezaapt huet as guer nët eens gin. De Nico huet bezuelt, an kruut Suen erëm. Ech stoung nach do matt mengem Glaass, an den Béier-Fuzzy dréckt mir nach 10 Gulden an ë puer zerquetschtener an d'Hand. Merci Pâté! Um halwer 7 as de Rescht erëm komm, an den Oberpâté Svenjamin huet Pizza bestallt. D'Pizza war vill ze grouss. Large. Mee de Sven huet seng awer ganz ënner Daach kritt. Den DrécksBenchen an de Sirmil hun awer och gudd eragefeiert.
Owes as ët richtëg lass gaangen, d'Carole an den Ander (spéider och de Chef) hun gemengt ech misst elo op der Sekonn den Nico knuddelen bis him d'Loft ausgeet… Mee d'Carole ass och guer nët méi eens gin. Dann hues de gemengt du kanns elo schloofen mee nee, d'Carole war erëm, oder ëmmer nach aktiv matt Remarquen. Tja, ët war zwar e bëssen kaal, well ech dem Fils de Schloofsaak eweg gezun hat, oder och emgdréit. Moies huet d'Carole gemengt ët misst Fotoen maachen, an den Ander selbstverständlech och d'Carole, hun um halwer 7 Pizza giees an Mëllech gedronk. Ween gët hei nach eens?
Alles krank Leit.

Christina

## 15.8. - SONNDES

***Am Zuch***

… An elo sëtze mer nees alleguer am Zuch fir Heem, d'Halschent huet schon nees déi grouss Middegkeet kritt a pennt. Mee bëssi melancholësch si mer awer och, well de Camp war wierklech déck flott; ët war sou relax a mer hun sou vill gelaacht. Ech soen nëmmen: voll krass de Wippi…

Christina

Nee seriö ey, de Camp war genial ey an eens gët souwisou keen ey. Jo ey voll krass ey

Fanny

Dese Camp war einfach genial! Mir hun voll gesond gebufft! Mir hun jo gehofft, mer kréichen en neit "Liebespaar" (Christina an Nico), mee déi sin sou schei! Mer hun probéiert a probéiert… Tja, do mussen se selwer eens gin ey! Wann se eens gin!
Ofgesin vun deem nët esou gudde Wieder hu mer awer nach zimlech vill ënnerholl kritt. Just gëschter war ons Oofschlussveillée an d'Waasser gefall.
Nach eng Stonn an 10 Minutten an 50 Sekonnen, da sin mer doheem.

Danielle (Chef)

Ech géing mol soen datt déi Pâtéen virun mir dësen Daag schon zimlech beschriwwen hun: Normalen leschten Campdaag, Zelter apaaken, an den Zuch klammen, an heem. Daat eenzegt waat ech nach soen kann ass: Hei gët guer keen méi eens?!!? Uups, ech mengen daat hun déi virun mir och schon gesoot.

Julie

## TO BE CONTINUED ... ... IN SUMMER 2000

**Typisch Holland?**



9. - 10. Januar 1999

# Weekend zu Befort

Um 13:45 Auer as ët lass gaang. Treffpunkt Luerenzweiler Gare. Dunn hu mer ganz korrekt ons Rucksäck an der Camionette verstaut. D'Myriam huet nach fex dem Sven ugeruff fir nozechecken op mir och all présent wieren. Dunn as d'Myriam mat der vollgestoppter Camionette op Befort getüfft. No enger amüsanter stuckelecher Fahrt si mer dunn am Chalet ukomm. Mir haten gemengt mir kéinten ais ausrouen, mee wéi d'Schicksal ët esou wollt koum esou ee Litti eraus an sot mir missten nach onsen Paat tréppelen. Ëmmer deenen rouden immens sichtbaren Fiirden no, an selbstverständlech nët ouni eisen treien Frënd, de Rucksaack!! De Wee war genial holperech a steil, mir haten ons emol verrannt, well mer eng Ofkierzung geholl hun. Dat war awer nët esou "dat". Eis "Männer" hun dann de Wee gesicht, an no 20 Minuten hat de Benny-Boy de Fuerdem erëmfonnt (gefickt eingeschädelt!). No gudden 3 Stonnen Wanderschaft si mer ganz mitt am Chalet ukomm.
Entspaanend 5 Minuten um Bett, dun huet ët geheescht: "Mir hu keng Schosselen hei, dir mußt nach Pirexschosselen fir Gratin organiséieren!" D'Christina an d'Danielle hun ons dunn fräiwëlleg gemëllt an ons op de Wee gemaach. Mir waren direkt bei dat éischt Haus, wou eng ganz léif hëllefbereed Madame ons direkt zwou Schosselen matgin. Am Chalet hun ons Cheffe gemengt: "Dat geet awer nët duer, mir sin zu 10. Also muß der nach eng Kéier jauwen." Dunn hun d'Christina an d'Danielle awer gestreickt. De Benny-Boy an de Schächmä hun sech op de laange Wee bei de Café gemaach a ganz léif gefroot, ob si nët kéinten zwou Schosselen kréien. Nom Iessen waren dunn awer nach zwou ganzer Schosselen recht!
Nodeems mer d'Spull gemaach hun, as e mega coolt Spill gemaach gin. Um 11 Auer sollte mer een vum Bauren-Ander organiséierten Nuetsrally maachen, mee ët war verschidde Leit ze kaal fir matzegoen. Dunn as onsen Nuetsrally an d'Waasser gefall. Mee als Trouscht hu mer ee Würfelspill gemaach.
Sonndes moies si mer mat frëschen Croisssant'en aus dem Paack erwäscht gin. Ons Chefercher haten ët awer gudd mat ons gemengt, well si hun ons bis 10 Auer penne gelooss! Merci! Nom Kaffi as gebotzt gin, oder ich nët. Duerno hate mer een exquisit Mëttegiessen, dat aus Poulet, Curry, a Räiss bestaanen huet. Mee onsem Gratin vum Dag virdrunas ët nët esou gudd ergaangen, deen as an d'Land Poubelle geflunn! Wéi mer amgaange waren mam Spullen, as de Mr Puddel ons nokucke komm. Duerno si mer nach d'Schosselen zréckdroen gaangen an endlech op d'Schlittschongpist gefuer. Um 18:15 Auer ware mer nees op der Gare wou ons Elteren scho gewaart hun.
Merci fir dee suuuuuper Wiiiiikänt!

Danielle & Christina



**23. an 24. Januar 1999 zu Housen**

# Grujhel - Weekend

Wéi dir jo secher all um Datum gesidd, as daat ganzt schon eng gudd Zaitchen hier. Dofir hun ech och nët méi grad all Détailer am Kapp. Mee am grousse Ganzen wees ech nach waat lass war. Dowéinst fänken ech och elo mam Bericht un. Mir (daat sin d'Mélanie, de Men, de Sven, den Änder an ech) sin Samstesmëttes zu Luerenzweiler fortgefuer. Mir sin alls éischt emol an den Topaz akaafe gaangen. Op eiser Menükaart stungen : Owes um Steen grillen, Sonndesmoies gudd Kaffi drénken an Sonndesmëttes Pizza. Daat matt der Pizza haat nët esou ganz geklappt, well mir haaten leider keen Schäffchen. Mir hun eis Pizza dunn Méindesowes an der Raro-Versammlung giess, wou mir natirlech bridderlech an schwësterlech matt all deenen aanerern gedeelt hunn. Daat war elo eist lessen, mee mir hun nët nëmmen daat gemaach, mee och Fernseh gekuckt, also Video. Mir hun als éischt dei absolut Horrorfilmer gekuckt, déi eis ganz aal Pio (haut sinn se an der 5. Branche) virun laanger, laanger Zait gedréint hun. Daat waar wirklech grujhelech. Mir hun awer och nach Horrorfilmer gekuckt, déi och schon um Fernseh gelaaf sin, wei "Friedhof der Kuscheltiere, Der weiße Hai". Dës Filmer waren awer och net esou grujhelech, soss hätt d'Mélanie nët schon no 10 Minuten Film geschloof. Well eis aaner d'Filmer och gelangweilt hunn, hunn mir dunn Kaart gespillt a sin duerno schloofe gaangen. Sonneds hu mir mengen ech ausser botzen nët méi all zevill gemaach. Wann ech mech ieren, deet daat mir vill Leed, mee ët ass schon laang hier, duerfir kann ech mech nët mei gudd errënneren.

Ech muss awer nach soen, dass daat Grujhelech eisen Ghostdetektor war, deen mir an der Camionette haaten.

Tessy

P.S. : Dat Grujhelegst um Weekend war ouni Zweifel den "Bloody Mary" ... Wéi kann een dat nëmme vergiessen. Tztz!

Sven



# 1. an 2. Mee 1999 Raro - Hike

Eisen onmoosegen Survival-Hike ass den eischte Mee noom Meekranz direkt lass gaangen. Durch Donnerwieder an den Reen hun mir eis nët stéiere geloos a sin direkt lass marschéiert. Mir hun op der Kaart gekuckt, fir de beschte Wee bis op Fëschbësch ze fannen. Mir sin getrëppelt a getrëppelt a getrëppelt a getrëppelt. Mir sinn duerch de Bësch gaangen, duerch Wisen, iwwert Felder an iwwert Wéer. Noo villem Getrëppels si mir endlech zu Fëschbësch ukomm. Do si mir emol ëppes drenken gaangen fir eis vun deem villen Getrëppels ze erhuelen, an hun iwwerluecht, wou mir dann elo schloofen sollten. Mir sin vis-à-vis vum Weiher den Hiwwel erop gekrackselt an hun ët eis ënnert engem Fiels gemittlech gemaach. Mir hun e klenkt Feierchen gemaach an hun gegrillt. Während deem hu mir och nach Bekanntschaft mamm Fieschter gemaach. Nodeems mir alles giess haaten si mir schloofe gaangen. Den Änder huet gemengt hien misst ouni Schloofsaack schloofen, an daat just fir e Fësch ze kreien, vun deem hien herno guer naischt haat.

Moies wéi ët hell ginn as si mir opgestaanen, hunn eis Plaatz proper gemaach an sin fësche gaangen. Ech perseinlech waar onmooseg motivéiert, hun duerfir och meng Angel an d'Waaser gehait an hun mir ët gemittlech gemaach. E puer Minuten drop huet de Sven mech ganz hecktesch drop opmierksam gemaach, datt ech e Fësch un der Angel hätt. Ech als erfahrene Fësscher haat d'Situation natiirlech voll ënner Kontroll a wosst direkt waat ze maachen wär (Umierkung v. d. Red. : "Äh-hem"). Fir de Fësch awer de Krop eraus ze huelen hun ech dunn den Änder gewärde geloos. Hätt ech ët dach nëmmen selwer gemaach, well DEN ÄNDER HUET MAIN FËSCH GEFRECKT. Nodeems mir all een oder zwee Fësch gefaangen hun, hun mir eis op de Wee fir zréck gemaach. Mir sin erëm getrëppelt an getreëpelt an getrëppelt an getrëppelt. No villem Getrëppels si mir dunn endlech doheem ukomm, wou ët dun och direkt an d'Dusch gaangen ass.

(Ech hoffen alt, dass ech, dass mir vill getrëppelt sinn.)

Wann dir lo nach wësse wëlt, waat matt eise Fësch geschitt as, da kann ech iech daat elo soen : mir hun eis se Méindesowes an der Raro-Versammlung gudd schmaache geloos, an hun se natiirlech och matt deenen gedeelt, déi nët matt op de Weekend gaange sin. D'Mélanie hätt u sech keen Stéck vum Fësch verdéngt, well haat war daat, waat onbedengt wollt en Hike maachen, war awer dunn daat, waat nët opgetaucht ass. Böse, böse.

Tessy



DER PAPST FINDET DAS ELFTE GEBOT.

13
**Fr**
**Frau**

En interessante Bericht, vun engem bekannten däitschen wëssenschaftlechen Recherchen Institut publizéiert, aus dem Internet :

# *CHEMISCHE ANALYSE DER FRAU*

**Element** : Frau | **Symbol** : Fr | **Entdecker** : Adam

## Quantitative Analyse

Akzeptierte Werte 91-71-91, aber Isotope von 63-25-51 bis 152-140-152 sind bekannt.

## Vorkommen

Überall wo Mann (Ma) zu finden ist, aber selten in dem sehr reaktiven, energiereichen unverheirateten Zustand. Überschuß in allen städtischen Gegenden.

## Physikalische Eigenschaften

Metastabil. Häufig spontane Dehydratationen (“weint”).
Gefriert in Sekundenschnelle. Absolut unvorhersagbar.
Schmilzt bei geeigneter Behandlung.
Sehr bitter, wenn nicht gebührend beachtet.
Kommt in vielen Zuständen vor, von jungfräulichem Metall hin zum gemeinem Erz.
Nicht magnetisch, aber wird von Münzen und Sportwagen angezogen.
Im natürlichen Zustand variiert das Exemplar beträchtlich.
Oft ist es so geschickt künstlich verändert, daß die Veränderung nur dem geübten Auge auffällt.

## Chemische Eigenschaften

Große Affinität für Au, Ag, und C (allerdings nicht in Graphit-Modifikation).
Kann heftig reagieren, wenn es allein gelassen wird.
Absorbiert große Menge Nahrung.
Eine sehr wünschenswerte Reaktion kann mit Reagenten wie Ethanol und bestimmten Pheromonen in Gang gesetzt werden, wobei häufig ein Katalysator nötig ist (mindestens fünfmal täglich “ich liebe dich”).
Oft beschleunigt Dunkelheit die Reaktion.

## Lagerung

Die besten Resultate werden zwischen 18 und 25 Jahren erreicht.

## Nutzen

Oft sehr dekorativ. Nutzen als Tonikum bei niedergeschlagener Stimmung. In kalten Nächten bei geeigneter Vorbereitung auch als Heizkissen.

## Tests

Exemplar nimmt einen rötlichen Farbton an, wenn im natürlichen unbearbeiteten Zustand entdeckt.
Wird grün, wenn neben einem schöneren Exemplar plaziert.

## Sicherheitshinweise

Stärkste bekannte reduktive Agent (Geld und Ego).
Hochexplosiv in ungeübten Händen.
Exemplar muß mit höchster Vorsicht behandelt werden, wenn Experiment glücken soll.

## Achtung

Es ist illegal, mehr als ein Exemplar zu besitzen, aber ... ein gewisses Maß an Austausch ist erlaubt.



Hier ein schon künstlich verändertes Exemplar dieses Elementes.
**Herkunft** : USA
**Alter** : ca. 28



# JUMP BACK

an der aler Autosgarage niewt der Gare
zu Luerenzweiler















# Party 1999

Samschdes, de 19. Juni












# KONGRESS A CHEFDAG

## 1999 zu Luerenzweiler

Jo wéi sollt et och anescht sin, de läschte Chefdag a Kongress fir dëst Joerhonnert, jo souguer fir dëst Joerdausend war natierlech zu Luerenzweiler, dat war dach ganz kloer (huet ob jiddefall de Luc emol gemengt an herno mir och).
Chefdag a Kongress ? Du wees nët wat dat as, majo de Kongress as eppes wéi eng Generalversammlung vun eisem Verband (de Lëtzebuerger Guiden a Scouten), d.h. um Kongress därfen all Chef mat enger valabler Ernennung deelhuelen. Hei gin normalerweis Statutenemännerungen, d'Finanzen, Ännerungen un der Spetzt vun eisem Verband asw. décidéiert. De Chefdag as awer fir all Chef geduecht, op mat oder ouni Ernennung. Dësen Dag get et méi ëm de Scoutissem selwer, da get e Mot d'ordre gewielt fir dat komment Joer an et gin e ganze Koup Ureegungen un d'Chef virugin. De Mot d'ordre fir 1999/2000 as " NATUR FIR MUER "

Fir eis huet de Kongress a Chefdag awer schon am Fréijoer ugefaangen, well do haate mir schon déi 1. Virbereedungsversammlung. Et sollten der nach en etlech nokommen, bis et endlech sou weit war. Vill Telefonen hue misse gemach gin, vill Leit hue missen em gott-wees-wéi-eng Erlaabnis gefrot gin, vill Leit hue misse motivéiert gin fir dat déi ganz Saach sollt perfekt oflaafen.

Freides mëttes hue mir dun ugefangen opzeriichten. De Men hat nés super Ideen wéi en alles kéint déko-réieren. Ech hun d'Aarbecht dobéi gesin a bei mir geduecht : Oh Men ! !, mee nee et war awer nët sou vill Geplos. Mir kruuten e ganze Kamion voll Planzen vun der Baamschoul Becker a wossten herno mol nët





méi wou mer se sollen alleguer hi stellen. Freides owes war de Gros färdeg an d'Hall huet fantastesch aus-gesin, ganz nom Motto " Natur fir Muer ". Samstes moies as nach de Feinschliff gemach gin a mëttes um 3.00 Auer as et lass gaangen.

Nuje sou e Kongress, t'as zwar flott, et geseit een emmer bekannt Gesichter erëm, mee trotzdem, et as awer eng dreche Matiär. Verschiddener hue gegapst, anerer hun de Courage zesumme geraaf a sin an d'Buvette en drenke gang. Et waren awer och flott, jo souguer bewegend Momenter do, wéi z.B. d'Sylvie Bisdorff geschwaat huet. Hat huet seng Charge als Kommissär general vun eisem Verband op dësem Kongress ofgeluegt an huet seng " Abschiedsriet " (Hat bléiwt awer nach aktiv am Verband) op séng sou tradi-tionnell einfach a léif Art a Weis gemach. Dono sin d'Leit opgestan an hun minutelaang geklappt. Ech mengen Sylvie huet dat bal nët gepackt.
Eise néie Kommissär general as och e ganz sympa-thesche Kärel an heescht Georges Metz.

Um halwer siewen ware mir du färdeg a mir sin all an de Festsall getreppelt op den Eirewein vun der Gemeng. Well mir awer e besse fréi u waren (géint 7

Auer war virgesin) hue mir eis alleguer scho gudd servéiert an ech mengen wéi de Buergermeschter um 10 vir 7 komm as, ware scho nët méi vill bis guer keng Schnittercher méi do. Hien huet eis dat awer nët iwel geholl, well ech mengen hien hat bei der Awéiung vum Centre Culturel scho gudd gefruppst. Et sin dun nach déi üblech Riede geschmass gin an nodeem mir och de läschte " Seffer " erausgeheit haten, si mir nach séier an d'Sportshal dei läscht Préparatiounen fir Sonndes mache gaang.

Nodeems den André (ech betounen den André) mat senger Equipe vun de CaraPio se alleguer op de Parking dirigéiert haat, as et dun um 9.15 Auer lass gaangen.

De Benny, eise Roby an nach sou e Gréitchen, wou ech de Numm nët wees, haaten eng super Animatioun virbereed. Si hun duerch de ganze Moien geleed an all Spriecher oder Aktivitéit op eng orginell (Sail away…., Metz-wurscht …. asw -- sorry et klengen Insiderwitz) Manéier ageleed. D'Zäit as séier vergaangen a souguer de Beschof an d'Marie-Josée Jacobs koumen nët un d'Gapsen.
Um 11 Auer war dun d'Mass. D'Reien waren e besse geliicht, am Bistro war e besse méi lass wéi virdrun, mee trotzdeem war d'Mass e flott Erliewnis.

Um 12 Auer as et dun op de Kascht gangen : Weinzossiss mat gebrode Gromperen a Gemeis. De Metzler Wollef vu Lëntgen hat d'Iesse bruecht an servéiert an de Weyrich's Luss haat alles am viraus gemanagt. Et hat alles super geklappt, d'Leit waren all zefridden. En extra Merci un de Luss.

Am Nomëtteg waren dun d'Brancheversammlungen, d.h. all eenzel Branche (Biber, Wiwel, Avex, CaraPio,



RaRo a Gruppechef) hun sech fir sech zesumme gesaat an iwert d'Aktivitéiten fir dat kommend Guiden- a Scoutsjoer nogeduecht. An der enger Branche war et méi drechen an der anerer méi lëschteg, jo et soll souguer eng Branche gewierscht sin, wou se herno Naturbéier geschluppt hun.

Um 4 Auer (nomëttes natierlech) hun sech d'Chef dun nés alleguer am Schoulhaff getraff fir d'Ofschlossféier vum Chefdag. Gott-sei-Dank huet et dun och gereent, mee dat huet awer de Benny, de Roby an dat Gréitchen nët ofgehall fir d'Leit nach eng Kéier mat hiren Topegkeeten ze belustigen (jo, ech haat lo kee bessert Wuert fonnt). 6 Kandidaten hue missen mam Velo honderëm Zelt fueren an de Gewenner konnt dun direkt en Tour op engem richtege Solarmobil fueren. Nodeems dun nach de Baam geplanzt gin as (wou awer kee Schw… opgepasst huet) war de Chefdag du géint 5 Auer sou lues eriwer, d.h. fir eis nach nët, eis Aarbecht as dun eréischt u gangen. Mee vue dat eis Cheféquipe sou super motivéiert war, ware mir een Zock um 10.Auer färdeg a konnte nach gemütlech am Foyer de Rescht Weinzossiss vu mettes baffen.

Jemp



# Guiden, Scouten, Internet & Co



## E puer Interessant Internetsiten zum Thema Guidismus, Scoutismus, GuiScosmus & Co

### LOKAL LGS GRUPPEN DÉI ONLINE ZE FANNE SIN

**Betebuerg** - Abbé Pierre
*URL : http://www.bettembourg.org*
**Gréiwemaacher** - St. Laurent
*URL : http://www.isl.lu/maacher-scouten*
**Groussbus** - St. Maximilian Kolbe
*URL : http://www.grosbous.lu/scouts*
**Houwald** - Don Bosco
*URL : http://ourworld.compuserve.com/homepages/hgshome/*
**Lëtzebuerg / Beggen** - St. Christophe
*URL : http://provider.freepage.de/lgsbeggen/*
**Lëtzebuerg / Belair** - Ste Jeanne d'Arc / Prince Henri
*URL : http://www.luxcom.net/benoyf/lgs-belair/*
**Lëtzebuerg / Kiem** - Robert Schuman
*URL : http://members.xoom.com/r_schuman/*
**Lëtzebuerg / Märel** - St. Gengoul
*URL : http://www.geocities.com/athens/Forum/7246/*
**Miersch** - St. Michel
*URL : http://www.gms.lu/lgs-mersch*
**Monnerech** - Jules Bleser
*URL : http://ourworld.compuserve.com/homepages/wernimont_carlo/SCOUT.HTM*
**Sandweiler** - St. Marc
*URL : http://www.rhrk.uni-kl.de/%7Ecwatgen/scout/index.html*
**Stengefort** - Ste Bernadette / St. Hubert
*URL : http://www.litx.net/home/9055\WEB*
**Woltz** - St. Sébastien
*URL : http://organisationen.freepage.de/scouts_et_guides_wiltz/*

### NATIONAL ORGANISATIOUNEN

**AGGL**
Association des Girl Guides Luxembourgeoises
*URL : http://www.youthnet.lu/organisations/assorg/national/aggl.htm*

**FNEL**
Fédération nationale des Eclaireurs et Eclaireuses du Luxembourg (site officiel)
*URL : http://www.fnel.lu*

**LGS**
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
*URL : http://www.lgs.lu*

**JOTA / JOTI**
JOTA / JOTI Team Lëtzebuerg
*URL : http://www.geocities.com/ResearchTriangle/Lab/4411/*

### INTERNATIONAL ORGANISATIOUNEN

**WAGGGS**
World Association of Girl Guides & Girl Scouts
*URL : http://www.wagggsworld.org*

**WOSM**
World Organization of the Scout Mouvement
*URL : http://www.scout.org*

i

Alleguer däss Link'en fënnt een och op der offizieller Homepage vun den LGS (www.lgs.lu) ënnert "Links" an der Rubrik "de Site". Ausserdem fënnt een do och nach eng ganz Rei aaner interessant Informatiounen, Neiegkeeten, Link'en, a.s.w.



# Statistiken & Rekorder

## DE GRUPPEROT FAKTEN

Statistiken vun de leschten **8** Grupperéit (Febuar 99 bis September 99)

**De kierzte Grupperot** : Huet bis 21:42 Auer gedauert (vun 20:15 Auer un + méi oder wéineger 15 Minutten).
**De längste Grupperot** : Also dem Einstein sénger Relativitéits-Theorie no dauert ALL Grupperot vill zevill laang.
**Wien war am oftsten ze spéit?** (Alleguer ëmmer mat méi oder manner valabler Excuse)

**1.** Alain (7 Mol ze spéit)
**2.** Germain (2 Mol ze spéit)
**3.** Nic (1 Mol ze spéit)

**Wien war am oftsten do?** (Ofgesin vum Jemp a vu mir déi souwisou “mussen” do sin)

**1.** Men (8 Mol do)
Tessy
**2.** Alain (7 Mol do)
Melanie
Myriam
Pascal
**3.** Flëpp (6 Mol do)

**Déi wichtegst “News” am Bericht** :
De Roby huet eng Botzfra.
**Den dämlechste Sproch am Grupperot :**
“Ët geet ganz schnell haut.”

## 10. ÉDITIOUN VUN DER GAMELLE JUBILÄUM

Dëst as effektiv déi 10. Ausgab vun eiser jährlecher Gruppenzeitung ënnert dem Numm “D’GAMELLE”.
* Jubel, Jubel! *
Vun 1990 bis 1994 war den Jemp souzesoen de Chefredakter vun der Gamelle, all Joers mat Ënnerstëtzung vun aanere Chefen. Vun 1995 bis elo an wahrscheinlech och weider, hun (kruut) ech (Sven) déi Sach an d’Hand (gedréck) geholl.

## DÉ KIERZTE BERICHTER AN DER GAMELLE

| | | |
|---|---|---|
| **1.** | Nico Panetta<br>Gamelle ‘97 (Säit 13) | +/- 50 Wieder |
| **2.** | Claude & Yves<br>Gamelle ‘97 (Säit 8) | +/- 55 Wieder |
| **3.** | Cyril Melan<br>Gamelle ‘99 | +/- 70 Wieder |
| **4.** | Sarah & Sven<br>Gamelle ‘99 | +/- 100 Wieder |
| **5.** | Fanny Bichler<br>Gamelle ‘99 | +/- 110 Wieder |

## DÉI BRANCHEN MAT DE MEESCHTE CHEFFEN TOP 10

**Vun 1993/1994 bis 1999/2000**

| | **Branche** | **Joer** | **Cheffen** |
|---|---|---|---|
| **1.** | Wiwel | 1999/2000 | 9 |
| **2.** | Wiwel | 1994/1995 | 8 |
| | Wiwel | 1995/1996 | 8 |
| **4.** | Wiwel | 1996/1997 | 7 |
| | Carapio | 1999/2000 | 7 |
| **6.** | Wiwel | 1993/1994 | 6 |
| | Avex | 1997/1998 | 6 |
| | Wiwel | 1997/1998 | 6 |
| | Biber | 1999/2000 | 6 |
| **10.** | Carapio | 1995/1996 | 5 |
| | Avex | 1996/1997 | 5 |
| | Wiwel | 1998/1999 | 5 |
| | Avex | 1998/1999 | 5 |

# Mir waren mat dobäi!

Hei sin just déi Leit opgeléscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Membersléscht vun 1998/1999 vum Verband stoungen.

## WIWEL

Max BECK
Charel BIDOLI
Charel BODE
Michel BRÜCK
Max ETTELDORF
Tina FEHLEN
Catherine HANCK
Julie JACOBS
Jil MODERT
Gina MORETTE
Davy PALADINO
Tammy RINNEN
Christophe SCHMOL
Jil SCHOSSELER
Stephen THILL
Christian TREINEN

***CHEFFEN***
Pascal FEHLEN
Tessy HÖFLIGER
Melanie MASSOL
Ernestine MULLER

## RARO

Patrick GALBATS
Sebastian SYMOLKA
*(+ aaner Cheffen)*

***CHEFFEN***
Luc AZZERI
Mike THEISEN
Patrick WEBER

## MATAARBECHTER

Jean-Paul BECK
Chantal EVERAD
Nicole LECLERC-FELTES
Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
*(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)*

## AVEX

Renée BIDOLI
Paul BRÜCK
Moises FERREIRA
Aldino FORTES
Annick HANCK
Lucie HELLERS
Sarah JACOBS
Luc LAMESCH
Eric LARSEL
Florence MELAN
Charel MODERT
Michel PINTO
Tim RINNEN
Philippe SCHAACK
Pol SCHINTGEN
Sven SCHOSSELER

***CHEFFEN***
Sandy BIRGEN
Anne MOLITOR
Marc MOLITOR
Seja ROCKEL
Roba THEISEN
Tanja WEIS
Philippe WENGER

## 5. BRANCHE

Fränk BOURMER
Joseph Boyer FELISME
Marc JEGEN
Marco LECLERC
Patrick LECLERC
Annick MENSTER
Georges MENSTER
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
Manon WEIS
Annick WEISS

## CARAPIO

Fanny BICHLER
Anne BIDOLI
Ben BISENIUS
Danielle BRÜCK
Michèle DAUPHIN
Germain FOURNELLE
Marianne JACOBS
Elisabeth KRECKÉ
Carole LAMESCH
Claude LARSEL
Cyril MELAN
Nico PANETTA
Roland PAULUS
Christina RUF
Danielle THOMA
Gilles THOMA
Julie WENGER

***CHEFFEN***
Sven LINCKELS
Myriam MAES
Carole NEY
Ander SCHROEDER

